VERSION DÉFINITIVE (18 AOÛT 2022)

# REGATTA.LU HANDBOOK 2022




GLCR

FLV

snj Service National de la Jeunesse

capital at work Wealth Management Foyer Group

# E PERSÉINLECHT WUERT VUM PRESI

Krich vun de Systemer an Europa, Autokratie géint Demokratie. Esou eng méiglech Konfrontatioun ass jorelaang vun eisen demokratesch gewielte Spëtzepolitiker ignoréiert ginn, genau esou wéi all déi Messagen an Zeechen déi vu Moskau koumen. Et gouf esouguer e Moment virun 20 Joer wou e Putin am däitsche Parlament vum Bau vun engem Europäeschen Haus zesumme mam russesche Vollek geschwat huet. Mee de Westen ass op déi Offer vum Putin weider net agaange. Deemools hat Russland och haart nogeduecht fir Member vun der Nato ze ginn. Och déi Chance huet de Westen net genotzt.

Fakt ass och, dass bei der Vereenegung vun Däitschland den deemolege President vun der Sowjetunioun Gorbatschow vun de westleche Leadere versprach krut, dass et keng Osterweiderung vun der Nato a Länner vum fréiere Warschauer Pakt Länner géif ginn. Haut wësse mer, dass dat Versprieche gebrach gouf, déi meescht vun de fréieren Oststaaten sinn an der NATO, e Verteidigungspakt deen hir Grenze schützt, an all Member ass ugehale fir deem ze hëllefen deen ugegraff gëtt. Mir kënne frou sinn, dass dee Pakt haut esou grouss ass, dass och de Putin mat senger Atommuecht sech net traut, do dergéintzegoen. Moldawien an Ukrain sinn net an d'NATO komm, well Däitschland gemengt hat, dass dat awer ze vill eng hefteg Provokatioun géigeniwwer vum Putin géif ginn. Déi zwee Länner konnten dann och vun de Russen iwwerfall ginn, ouni Risiko vun engem Atomschlag säitens der NATO.

De Putin féiert säit iwwer 20 Joer déi Russesch Federatioun, déi aus dem Zesummebroch vun der Sowjetunioun entstanen ass. Si huet eng Wirtschaftskraaft an der Gréisst vun Italien a besëtzt awer Atomwaffen, eng Ierfschaft aus der Sowjetunioun. Woubäi d'Ukrain mat Hëllef vum Westen nom Zesummebroch vun der Sowjetunioun seng Atomwaffen ofgebaut huet.

Richteg ass och, dass déi Russesch Federatioun am Ufanksstadium eng Demokratie war. Mee wat ass eng Demokratie? Abbé dat heescht, dass Mënschen an hirem Staat a Fräiheet liewen. Jiddereen däerf fräi seng Meenung soen. Jidderee muss sech och u Gesetzer halen esou wéi de Staat och. A fräie Walen entscheet de Wieler vu wiem se regéiert ginn. A wann déi meescht vun eis net méi mat der Regierung zefridde sinn, kënnen se bei der nächster Wal eng nei Regierung wielen.

Wat ass dann a Russland passéiert? De gewielte President Boris Jelzin, säit 1991 un der Muecht, war dem Alkohol verfall an hat gesondheetlech Problemer.

Hin huet a sengem leschte Mandatsjoer e jonken, gesonden an dynamesche Wirtschaftsreformer gesicht. Den 31.12.1999 ass hien zeréckgetrueden an huet dem Wladimir Putin Plaz gemaach. De Putin war dunn op der Büne fir sech bekannt ze maachen a konnt sech bei den folgende Walen duerchsetzen. De Putin kënnt aus dem Ëmfeld vum fréiere sowjetesche Geheimdéngscht, dem KGB. Nodeems hin als President vun der Russescher Federatioun ganz vill Frustratiounen erlieft hat souwéi Respektlosegkeet vu westleche Leaderen géintiwwer Russland, huet hin ugefaangen, un de Schrauwe vun der Demokratie ze dréinen, gehollef krut hin dobäi vu senge fréiere Kolleege vum KGB. Et ass him an senge Konsorte schlussendlech gelongen, e System ze installéieren, wou Muecht op de Geheimdéngschter, op dem Militär an op den Oligarche baséiert, also ewech vun der Demokratie an Richtung vun enger Autokratie. Bis haut huet hin déi Federatioun fest am Gréff. Bis 2014 hat hien och eng indirekt Kontroll iwwert d'Ukrain duerch eng pro-russesch Regierung, déi dunn gestierzt gouf, mat der Ënnerstëtzung  vun den Amerikaner. D'Ukrain huet sech dunn vu Russland distanzéiert a sech prowestlech entwéckelt. Russland huet mat senge Separatisten een Deel vun der Ukrain am Oste besat, fir dass d'Ukrain keng Méiglechkeet kritt fir an d'NATO bäizetrieden. Bei deem Konflikt ass och iertemlecherweis vum russesche Militär e Fliger vu Malaysia Airlines MH17 erofgeschoss ginn, mat bal 300 Läit u Bord.

Eng demokratesch Ukrain als Noper wollt de Putin als Autokrat net akzeptéieren, aus Angscht, dass säi System a Russland iergendwann gekippt kënnt ginn. Dofir huet hien, wéi seng Krichskees gutt gefëllt war, an nodeems dat russescht Militär moderniséiert gi war, seng « Spezial-Operatioun » am Februar lancéiert, mam Zil d'Ukrain an engem Blitzkrieg ze besetzen an den demokratesch gewielte President Selenskyj mat der Regierung ze verjoen. Mee wéi vill Autokrate virun him, huet de Putin an enger Bulle gelieft, dat heescht d'Leit ronderëm hien hu sech net méi getraut, him d'Wourecht ze soen an hien hat kee richtegt Bild vun deem, wat um Terrain lass war.

Den ukrainesche President Selenskyj huet an der 1. Woch vun der Russescher Invasioun d'Offer vum amerikaneschem President Biden refuséiert, fir hien a seng Famill aus der Ukrain eraus ze fléien. Hin huet dem Biden gesot: « Ech brauch keng Fligerbilljeeë fir mech a meng Leit, mee Waffen, vill Waffen … d'Ukrain wäert sech verdeedegen. »

Dat Russescht Militär war net esou op der Héicht wéi erwaart. Dat ukrainescht Militär dogéint war besser virbereet wéi zur Zäit bei der Krim-Annexioun. Dat ukrainescht Vollek huet eng ganz héich Motivatioun gewisen, fir sech ze wieren. Esou war et méiglech, d'Invasioun virun der Haaptstad Kiew ze stoppen. De Putin huet seng Zieler missen no ënnen upassen, mat der Besetzung vum Donbass an der Landbréck fir op Krim. An deene Regioune féiert Russland haut en Artilleriekrich, wou se lues awer sécher weider kommen. D'Ukrain brauch elo

dréngend schwéier Waffen, fir déi Beweegung ze stoppen a fir d'Méiglechkeet ze kréien, an d'Offensiv ze goen a hiert Land zeréck ze gewannen.

Wat huet de Putin schlussendlech erreecht? Eng Ukrain, déi sech gëeenegt huet ënnert engem charismatesche President. Eng Ukrain, déi kämpft, déi eis Wäerter verdeedegt an dobäi bereet ass, e ganz héije Präis ze bezuelen, mam Doud vun zegdausenden Zaldoten an Zivilisten esou wéi zegdausende Verletzten an Traumatiséierten, dobäi kënnt nach d'Zerstéierung vu ganze Landstrécher a Stied. Eng NATO, déi mat Schweden an Finnland gewuess ass, esou wéi eng Asaztrupp (Nato Response Force) déi vu 40 000 op 300 000 Truppestäerkt erop gesat ginn ass. Eng EU, déi zesummen hält an elo schonns beim 6. Sanktiounspak géint Russland ukomm ass. Eng EU-Energiepolitik, déi vum russesche Gas an Ueleg fort komme wëll. E Westen, deen der Ukrain modern Waffe liwwere wëll 'as long as it takes' …

D'NATO wäert alles maachen, dass et zu kengem Atomkrich kënnt. Dat ass och d'Ursaach, firwat mir nëmmen indirekt an dee Krich agräife kënnen, also keng Zaldote schécke kënnen. An der Reegel hält esou e Krich op, wann déi zwou Säiten erschöpft sinn a bereet sinn, fir ze verhandelen. Experte rechnen domadder ab Enn vun dësem Joer. Bis dohinner ass et wéi am Stuerm, iwwerliewen an nom Stuerm schéngt Sonn erëm.

Wien bis hei hinner gelies huet ass ganz richteg bei eis op der Regatta. Den Organisateur esou wéi d'Skipperen an Co-Skipperen versichen iech hir Wäerter ze vermëttelen, déi iech ze hëllefen, besser duerch d'Liewen ze kommen.

Ech freeë mech, Iech gesond an monter méindes moies, den 29. August zu Quiberon ze empfänken. Den Organisatiounscomité an de Comité vum GLCR hunn eng enorm Energie investéiert, fir iech allen 200 eng onvergiesslech Woch ze bidden. Virop schonns e grousse Merci un all déi, déi dësen Event méiglech gemaach hunn.

**Gudde Wand fir Iech all !**

Äre President
Serge Courtois

# D’ORGANISATEUREN

Säit 2016 gëtt Regatta.lu Sailing Schools organiséiert vum GLCR an enker Zesummenaarbecht mat der FLV an dem SNJ.

## GLCR - Groupe Luxembourgeois de Croisière et de Régate

De GLCR ass dee gréisste Segelclub zu Lëtzebuerg, an deen eenzegen dee séch besonnesch u Leit wend, déi op d’Mier segele ginn. E gouf 1979, also virun iwwer 40 Joer, gegrënnt, an huet haut iwwer 800 Memberen. En huet d’Form vun enger asbl (association sans but lucratif), där hiren Objet social esou an de Statute steet : « L'association a pour objet la pratique et l'enseignement du sport de la navigation à la voile sur mer, le développement des sports nautiques et du tourisme nautique en général, l'organisation de régates, l'entretien de relations amicales entre ses membres avec les sociétés sportives du Grand-Duché de Luxembourg et de l'étranger, ainsi que l'examen et la solution des problèmes intéressant ses affiliés. Elle peut s'affilier à toutes les organisations nationales ayant comme but la pratique de la voile ».
Wat am Ufank e klenge Fréndeskress war, ass haut e grousse Veräin mat villen Aktivitéiten. Sou gëtt all Joer e grousse Formatiounsprogramm zesummegestallt, wou een déi verschidden Aspekter vum Segelsport ka kenneléieren, a wou suwuel Ufänger wéi och Fortgeschrëttener sech kënne weiderbilden.

# FORMATIOUN

Fir d'Ufänger ass do virun allem déi theoretesch a praktesch Formatioun fir de « Permis Mer » ze nennen, wou een d'Grondbegrëffer vum Segelen ka léieren, d'Theorie an Oweskueren, an dat prakteschт an engem Stage vun enger Woch. Déi Basis-Ausbildung maachen regelmässeg och Jonker (vu 16 Joer un) déi op der Regatta hiren éischte Kontakt mam Yachtsegelen hunn. Zéckt also net, Iech unzemellen, wann dat Iech interesséiert. Déi nächst Theorie-Couren ginn am Oktober un, a fir dat Prakteschт gëtt all Joer e Péngschtstage an Holland an en Hierschtstage a Kroatien organiséiert. Wann dir déi Ausbildung mat Erfolleg maacht, kritt dir den international unerkannte « Permis Mer » deen Iech weltwäit derzou berechtegt, e Boot bis zu 24 m Längt ze féieren, an deen der meeschtens braucht, fir e Boot ze charteren.

**Méi Info zum Permis Mer**

Do dernierft bitt de GLCR senge Memberen aner Formatiounen a Stagen un, a regelmässeg Owender wou Memberen vun hiren Aventuren erzielen.
An natirlech gehéiert zu den Haaptaktivitéiten vum GLCR och d'Organisatioun an d'Duerchféierung vun der Regatta. All Skipperen a Co-skipperen sinn Member vum Club.

# MEMBERSHIP

Wann der no der Regatta vum Segel-Virus infizéiert sitt, da wir et eng gutt Idee, Member vum GLCR ze ginn. Dat kascht fir Erwuesser 25 € d'Joer, mee fir Schüler a Studenten ass d'Cotisatioun **GRATIS**.

**Info an Umeldung am GLCR**

# FLV - Fédération Luxembourgeoise de Voile

Och d'Lëtzebuerger Segelfederatioun ass 1979 gegrënnt ginn. Member dovu sinn nierft dem GLCR virun allem d'Segel-Veräiner vum Stauséi : de YCL - Yacht Club du Grand-Duché de Luxembourg - mat Base Nautique zu Léifrech, an den CNL - Cercle Nautique Lultzhausen.
D'FLV ass säit 1981 vum Sportsministär unerkannt, a Member vum Olympesche Comité COSL - « Team Lëtzebuerg ».

D'FLV këmmert sech als Co-Organisateur vu Regatta.lu ëm alles wat de sportlechen Oflaf betrëfft :

- all d'Skipperen hunn eng Sportslizenz vun der FLV oder vun enger auslännescher Partner-Federatioun
- d'Skipperen sinn domat dann och duerch d'Assurancen vun der FLV couvréiert
- de Comité de Course gëtt vun der FLV gestallt. Dëse Comité leet d'Regelen vun der Compétitioun fest (Instructions de Course), an iwwerwaacht dono de regulären Oflaf vun deene verschieddene Manchen an erstellt d'Klassementer.

Fir seng Missiounen kënnen beschtméiglech ze erfëllen, huet de Comité de Course vun der FLV bei der Regatta.lu dräi Booter : e Katamaran, vun deem aus d'Startprozedur duerchgefouert gëtt, an deen och Bestanddeel vun der Start- an Zil-Linn ass; do dernierwt 2 Semi-Rigiden (Zodiak), dat sinn Schlauchbooter mat engem feste Buedem, an engem staarke Motor, mat deem de Comité de Course d'Boueeën fir d'Regatta ausleet, alles wat um Waasser passéiert genee suivéiert a séier agräift wann et néideg ass.

**Weider Info : www.flv.lu**

# SNJ - Service National de la Jeunesse

Den SNJ ass en ëffentlechen Déngscht deen am Optrag vum Unterrechtsminstär schafft a gesetzlech definéiert Missiounen huet :

- zur Ëmsetzung vun der Jugendpolitik bäidroen
- edukativ Programmer fir Kanner a Jugendlecher organiséieren
- d'Transitioun vun deene Jonken an d'aktivt Liewen ënnerstëtzen
- Kontakt- a Berodungsstell sinn fir d'Akteuren déi Jugendaktivitéiten ubidden

Si erfëllen déi Missiounen mat enger Equipe vun 145 festen an 450 fräie Mataarbechter, dorënner och d'Skipperen a Co-Skipperen vun Regatta.lu, déi vum SNJ aus d'Missioun hunn, hir Equipagen während der ganzer Woch ze encadréieren, um Boot an u Land.

Duerch den SNJ ass och séchergestallt dass d'Schülerinnen a Schüler, déi bei Regatta.lu derbäi sinn, grad esou gutt assuréiert sinn wéi dat bei deenen aneren Aktivitéiten de Fall ass, déi vum SNJ organiséiert ginn.

**Den SNJ gëtt och ganz vill Brochuren eraus, wou ee méi iwwert Jugendaktivitéiten zu Lëtzebuerg gewuer gëtt. Informatiounen um Site vum SNJ**

# MERCI !!!

Regatta.lu ass eng grouss Organisatioun, déi nëmme méiglech ass, well ganz vill Memberen vum GLCR a vun der FLV sech aktiv engagéieren, an dat zu 100 % benevol, also ouni derfir bezuelt ze ginn. Si investéiren hir Fäizäit als **Skipper**, als **Co-Skipper** oder als Member vum **Comité de Course**. Eng Rei vun hinnen sinn dat ganzt Joer iwwer am **Organisatiounscomité** aktiv, fir déi nächst Editioun esou gutt a professionell wéi méiglech ze preparéieren, well « no der Regatta ass virun der Regatta » !

Doriwwer eraus stinn den Organisateuren verschidden Sponsoren a Partner zur Säit.

Capital At Work ass säit dräi Joer den Haaptsponsor vun der Regatta. Si ënnerstëtzen eis finanziell an iwwerhuelen verschidden Onkäschten vun der Manifestatioun, fir dass déi net mussen vun de Schüler oder vun den Organisateuren gedroen ginn.

D’ACEL ass eise Partner wat d’Studentenequipagen betrëfft. Si informéieren déi verschidde Studentecercelen a patronnéieren den ACEL-Trophy fir dat beschte Studenteboot.



Chère Navigatrice, cher Navigateur,

Nous sommes heureux d'être le partenaire de la Regatta pour la 3ième année consécutive et les témoins privilégiés d'un intérêt croissant pour cette belle activité qu'est la voile, à pratiquer en famille, entres amis et profiter de la nature. Les organisateurs de la Regatta ne diront pas le contraire, l'événement est complet.

Ce n'est pas une surprise. L'envie de grand air née de la crise sanitaire continue de donner du souffle à la navigation de plaisance. En témoignent les chantiers navals débordés par des carnets de commandes historiques. On peut citer Bénéteau qui a fait l'acquisition de 2 nouvelles usines au Portugal pour accroître sa production, ou encore Dream Yacht Charter (leader mondial de la location) qui n'ont jamais connus de tels taux de réservations. Fontaine Pajot (numéro 2 du nautisme européen) a décidé de créer sa propre école de métier du nautisme pour pouvoir assurer sa croissance.

Comme vous pouvez le constater, une crise économique ou tout autre crise ne signifie pas que tout va mal pour tout le monde. Une approche micro-économique, comme on vient de l'illustrer ci-dessus, permet de sélectionner ces entreprises qui arrivent à tirer leur épingle du jeu.

CapitalatWork suit depuis plus de 30 ans ces entrepreneurs passionnés, qui guident leurs entreprises contre vents et marées vers la réussite.

Nous accompagnons plus de 200 entreprises et investissons dans plus de 50 d'entres elles afin de faire fructifier le patrimoine de notre clientèle. Dans un environnement aux allures changeantes, nous accompagnons nos clients dans chaque étape de leur vie.

Il ne nous reste plus qu'à vous souhaiter bons vents dans cette magnifique baie de Quiberon !



*Gregory Vandendael*
*Head of Wealth Management*
*CapitalatWork Luxembourg*

Le Yacht Club Quiberon est le partenaire local de notre régate. Nous sommes ravis d'avoir trouvé en eux une équipe de passionnés qui sont enthousiastes à nous soutenir dans l'organisation de notre événement à plus d'un point.

Non seulement qu'ils nous prêtent du matériel, mettent leurs locaux à notre disposition, nous aident dans les relations avec les autorités … ils s'occupent également de l'avitaillement des bateaux, du petit-déjeuner jusqu'au dîner.

## Un tout grand MERCI au Yacht Club Quiberon !!!



# DE PROGRAMM 2022

## Dimanche 28 août 2022

### ÉLÈVES et ACCOMPAGNATEURS :

★ **Rendez-vous à 20h40** sur les quais de bus devant le Lycée Josy Barthel à Mamer. Prière d'utiliser le parking visiteurs afin de ne pas bloquer les quais. Le voyage se fera en deux bus double decker de Voyages Vandivinit.

★ **Départ à 21h00**

### ÉTUDIANTS et SKPPERS/CO-SKIPPERS :

★ **Embarquement à partir de 16h00**,
à Port-Haliguen, quai « Porigo ».



PORT HALIGUEN
QUIBERON
MORBIHAN

**Votre port vous informe !**

**Bassin du Castéro**
**(Port Haliguen II)**

# PARKING DU MANE

**environ 80 places**

**RESERVE AUX CLIENTS DU PORT**

**N'hésitez pas à l'utiliser particulièrement pour les plus longues durées.**

**Accès au parking**
**Portail blanc**
**Face au N° 25**




**<u>Accès direct au port</u> : Escalier au fond du parking, à droite de la résidence du Mané.**


Compagnie des PORTS DU MORBIHAN

## AVIS IMPORTANT !

Il est fortement recommandé aux chauffeurs des voitures privées arrivant à Port-Haliguen le **dimanche** de mettre leur voiture à La-Trinité-sur-Mer, soit au **Parking du Port**, soit au **Parking sur le site du « Penher »** à l'entrée de la commune, à 2 km du centre (suivre panneaux).

Un **bus (49 places)** a été organisé pour ramener les chauffeurs à Port Haliguen. Il partira du Parking du Penher à **21h00 précises** puis passera au Port de La-Trinité-sur-Mer (deuxième arrêt).!

## BASSIN À FLOT DU MANÉ (PORT-HALIGUEN)



Le bassin à flot est équipé d'une porte basculante :

- La porte s'ouvre lorsque la hauteur d'eau atteint 3,00m
- Porte ouverte, la sonde est de 1,00m, ce qui laisse au moins 2m d'eau, n'oubliez pas votre tirant d'eau !
- Passez impérativement à droite (en entrant) des balises rouges.

**Le bassin est accessible :**

- Lundi jusqu'à 10h07 et dès 15h51 [>>> Marée info 29/08/22]
- Mardi jusqu'à 10h38 et dès 16h24 [>>> Marée info 30/08/22]
- Mercredi jusqu'à 11h13 et dès 16h57. [>>> Marée info 31/08/22]
- Jeudi jusqu'à 11h51 et dès 17h33. [>>> Marée info 01/09/22]
- Vendredi jusqu'à 12h37 et dès 18h14. [>>> Marée info 02/09/22]

# Lundi 29 août 2022

## Arrivée et prise en main des bateaux

- ★ **Petit-déjeuner** au « Breizh Hotel » à Crac'h pour ceux qui viennent en bus.
- ★ **Petit-déjeuner** du YCQ au Port-Haliguen pour les personnes sur place, en 3 groupes : 8h00-8h20 / 8h20-8h40 / 8h40-9h00.
- ★ Arrivée des bus à Port-Haliguen vers 9 heures du matin.
- ★ Distribution des voiliers, embarquement.
- ★ **Avitaillement à partir de 10h00 (quai Porigo)**
- ★ Prise en main du bateau, navigation libre dans la baie de Quiberon, entraînement des départs, retour à Port-Haliguen.
- ★ **Entrée au Bassin du Mané à partir de 15h51.**
- ★ Boissons vendues par le YCQ dès 18h00.
- ★ Dîner à bord (plat cuisiné à recevoir vers 19h00).




# Mardi 30 août 2022

## Navigation dans la baie de Quiberon

★ **Avitaillement pour la journée dès 8h00.**

★ **Sortie du Bassin du Mané vers 9h30** (possible jusqu'à 10h38).

★ En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : stage préparatoire de régate et manche(s) de qualification.




★ Retour au Port Haliguen.

★ **Les bateaux pourront rentrer dans le Bassin du Mané à partir de 16h24.**

★ **Welcome Party à quai dès 19h00 :**
**barbecue, musique, danse, ambiance …**

★ Pour le repas, utiliser les assiettes et couverts des bateaux.

# Mercredi 31 août 2022

## Navigation dans la baie de Quiberon

- ★ **Avitaillement pour les deux prochains jours dès 8h00.**
- ★ **Sortie du Bassin du Mané vers 9h30** (possible jusqu'à 11h13).
- ★ En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : stage préparatoire de régate et manche(s) de qualification.
- ★ Traversée vers Belle-Île, Port du Palais (sous réserve des conditions météorologiques).




- ★ **Au Port du Palais, tous les bateaux entreront au bassin du port entre 19h00 et 20h30.**

- ★ Dîner sur les bateaux (à cuisiner soi-même) ou dans un restaurant à Belle-Île (à organiser par les équipages à leurs frais).

# Jeudi 1er septembre 2022

## Navigation dans la Zone de Belle-Île




★ **Avitaillement pour la journée dès <u>7h00</u> !**

★ **Sortie du bassin du port impérativement entre 8h00 et 9h30.**

★ En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : manches de régate en deux groupes, tour de bouées (parcours banane) et/ou parcours côtier.

★ Traversée vers Quiberon (sous réserve des conditions météorologiques).

★ Retour au Port-Haliguen, entrée au Bassin du Mané possible à partir de 17h33.

★ **Boissons vendues par le YCQ dès 18h00.**

★ Dîner sur les bateaux (à cuisiner soi-même).

## Vendredi 2 septembre 2022

## Navigation dans la baie de Quiberon

- ★ **Avitaillement pour la journée dès 8h00.**
- ★ **Sortie du Bassin du Mané vers 9h30** (possible jusqu'à 12h37).
- ★ En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : manches de régate en deux groupes, tour de bouées (parcours banane) et/ou parcours côtier.

### Pour les bateaux du loueur **Atlantique Location** :

- ★ Remise des bateaux au port du **Crouesty** pour **16h00**.
- ★ Un bus a été organisé pour amener à La-Trinité-sur-Mer les skippers et équipages de ces bateaux avec leurs bagages.
- ★ Départ des bus du port du Crouesty à **18h00** précise.
- ★ Arrivée à La-Trinité-sur-Mer vers 19h00.
- ★ Chargement des bus Vandivinit entre **19h00** et **19h30**.


### Pour les bateaux des loueurs **CFC** et **Dream Yacht** :

- ★ Remise des bateaux à **La-Trinité-sur-Mer** pour **16h00.**

### Pour les bateaux du loueur **ILORIA BRETAGNE** :

- ★ Amarrage aux pontons **visiteurs** de **La-Trinité-sur-Mer.**
- ★ Préparation des bagages.
- ★ Chargement des bus entre **18h30** et **19h30**.

★ Possibilité de visite du port de La-Trinité-sur-Mer avec les bateaux de régate (trimarans ultimes … ) qui y sont ammarrés.




★ **A partir de 20h00 : Closing Ceremony au restaurant « Chez Jaouen » à La Trinité-sur-Mer.**

**<u>Proclamation des résultats et remise des trophées !!!</u>**



★ **Départ en bus vers 22h30**






# Samedi 3 septembre 2022

★ **Arrivée au Lycée Josy Barthel à Mamer dans la matinée.**





# BOOTER AN EQUIPAGEN

An der Qualifikatioun huelen 30 Booter deel, déi opgedeelt sinn an 2 Gruppen (A an B), entspriechend dem Handicap vum Boot.

**N°** = Dossard-Nummer. All Boot kritt 2 Calicots mat senger Nummer, déi mussen vir um Boot rechts a lénks gutt siichtbar ugemaach ginn.

**HANDICAP** = Koeffizient vum Boot. Fir de Klassement opzestellen gëtt déi gemossen Zäit vum Boot mat dësem Koeffizient multiplizéiert.

**T.E.** = Tirant d'eau / Déifgang. Wichteg ze wëssen fir am Hafen eng entspriechend Plaz ze kréien.



## Groupe de qualification A

| N° | Bateau | Equipage | Skipper<br>Co-Skipper | Type | T.E.<br>(m) | Handicap |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | L'Aigle | LNW3 | Emering Ady<br>Dofing Jean-Claude | Dufour 34 | 1.90 | 0.8130 |
| 2 | Bonchamps | AL2 | Stein Fränz<br>Jacobs Gunther | Dufour 34 | 1.90 | 0.8130 |
| 3 | Louanne | LGL1 | Grotz Joel<br>Held Lukas<br>Parisotto Marc | Sun Odyssey 349 | 1.98 | 0.8596 |
| 4 | Coyote | LJBM3 | Pabot Frédéric<br>Joassin Roxane | Sun Odyssey 349 | 1,26 - 2,50 | 0.8596 |
| 5 | Juquehy | U3 AVL RWTH2 | Bormann Olli<br>Duhr Pierre | Oceanis 35,1 | 1.90 | 0.8596 |
| 6 | Moussaillon | LNW1 | Masutti Daniel<br>Picquoin Laurent | Sun Odyssey 349 | 1.20 -2.54 | 0.8596 |
| 7 | Maracaibo | U4 RWTH1 | Scharpantgen René<br>Lutgen Christian | Sun Odyssey 349 | 1.20 -2.54 | 0.8596 |
| 8 | Arvaya | LEM2 | Emonts Roger<br>Goerens Charel | Sun Odyssey 36 i | 1.95 | 0.8658 |
| 9 | Aloha | LRSL | Federspiel Laurent<br>Pegel Olivier | Sun Odyssey 389DL | 2.25 | 0.8658 |
| 10 | Alsedo | LESC | Zeimes Peggy<br>Mathieu Anouk | Bavaria 40 | 1.95 | 0.8658 |
| 11 | Narien | LGL2 | Muller Claude<br>Muller Nina | Dufour 360 GL | 1.90 | 0.8658 |
| 12 | Napa | LEM1 Vitamin sea | Goerens Erik<br>Hoffmann Claude | Dufour 390 | 1.95 | 0.8658 |
| 13 | Mutine | U2 Uni Aperol | Hengen Françis<br>Weyand Steffen | Oceanis 37 | 1.90 | 0.8850 |
| 14 | Skerzo | LJBM4 | De Roost Eric<br>Luna Paqui | Oceanis 37 | 1.9 | 0.8850 |
| 15 | Newlife | AL4 | Olinger Jerôme<br>Jeitz Evguenia | Dehler 38 | 2.00 | 0.8850 |

# Groupe de qualification B

| N° | Bateau | Equipage | Skipper<br>Co-Skipper | Type | T.E. (m) | Handicap |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **16** | Gaia | LJBM2 | Christnach Claude<br>Heymans Bob | Sun Odyssey 379DL | 2.10 | 0.8850 |
| **17** | Gwerelaouen | AL3 | Bormann Nico<br>Zenner Guy | Dufour 34 Perf | 1.90 | 0.8855 |
| **18** | Syrah | Vauban | Lorenzi Philippe<br>Gannard Julien | Dufour 34 Perf | 1.90 | 0.8855 |
| **19** | Edelweiss | U7 | Loesch Charles<br>Dofing Luca | Dufour 382 | 1.90 | 0.8982 |
| **20** | Hinatea | AL1 | Buchler Marc<br>Courtois Carla | Oceanis 38,1 | 2.10 | 0.8982 |
| **21** | Gabul 2 | U5<br>Dei 6 vum Chantier | Raas Pit<br>Arendt Ben | Dufour 382 GL | 1.90 | 0.8982 |
| **22** | Armorik II | U8<br>FriendShip | Hannart Arthur<br>Hannart Félix | Dufour 405 GL | 2.05 | 0.9119 |
| **23** | Lulu | LJBM1 | Patoulidis Alexi<br>Rolla Filip | Dufour 410 GL | 2.10 | 0.9119 |
| **24** | Muzuri | LNW2 | Weber Frank<br>Weber Max | Dufour 405 | 2.10 | 0.9119 |
| **25** | Spirit | LAML1 | Rod Nicolas<br>Biel Michèle | First 36.7 | 2.20 | 0.9188 |
| **26** | Lota IV | U6 | Wetz Robert<br>Gillen Martine | First 36.7 | 2.20 | 0.9188 |
| **27** | Polgan | U1 LeSage Reloaded | Flaba Denis<br>Huss Jacques | Sun Odyssey 409 | 2.10 | 0.9404 |
| **28** | Dolce Vita | LEM3 | Miny Roland<br>Offerman Charles | Grand Soleil 40 | 2.15 | 0.9404 |
| **29** | Amzer Zo 2 | C@W | Faber Claude | Sun Odyssey 410 | 2.21 | 0.9554 |
| **30** | Karukera | Réserve | Gelhausen JJ<br>Shevelev Aleksandr | First 40 | 1.95 | 0.9967 |

# SEGELEN : WAT ASS DANN DAT ?

Mir wëllen Iech hei e puer Grondbegrëffer mat op de Wee ginn. Saachen, déi dir bestëmmt wäert am Laf vun der Woch begéinen. Am beschte léieren sech déi Saachen direkt an Aktioun, zesumme mat ärem Skipper a Co-Skipper. Mee et ass awer net schlecht, wann der Iech dat ukuckt fir ongeféier ze wëssen, em wat et geet.


A natierlech kënnt der dës puer Elementer och am Laf vun der Woch nokucken, dat hëlleft Iech vläicht, besser ze vestoen, wat um Boot geschitt ...

## Vu wou kënnt de Wand ?


Segelen heescht, sech mat Hellef vum Wand um Waasser fortbewegen, also d'Energie vun de Loftbewegungen ronderem eis a Bewegungsenergie ëmsetzen. Dobäi sinn 2 Saache wichteg: aus wéi enger Richtung bléist de Wand, a wouhi wëll ech fueren.

D'Wandrichtung kann ee feststellen, wann een z.B. Fändele kuckt, déi fräi fléien, e gudde Wandmiesser kann awer och den eegenen (naasse) Fanger sinn, oder déi eegen Nues. Meeschtens lafen och d'Wellen um Mier mam Wand. A mir hunn op eise Booter och uewen um Mast e Feil deen eis weist wou de Wand hierkënnt (Girouette op franséisch / Verklicker op däitsch), an Instrumenter am Cockpit, déi eis d'Richtung an d'Vitesse vum Wand uweisen.

Eist Boot a seng Segelen sinn esou konstruéiert, dass ee net nëmmen mam Wand am Réck ka fueren, mee och quer zum Wand an souguer géint de Wand. Et ass just e Wënkel vun ongeféier 45 Grad riets a lénks vun do wou de Wand hierkënnt, wou ee net direkt ka fueren, also 90 Grad am ganzen. Hei e Schema mat deene verschiddene Richtungen (Kursen) vum Boot zum Wand, mat der entspriechender Segelstellung.




Äre Skipper wäert Iech dat sécher am Détail erklären a weisen. Mat der Zäit léiert der dann och déi verschidde Begrëffer a Segelausdréck. Op franséisch heescht dat dann alles erem e bëssen aanescht.




Ee wichtege Prinzip schonn emol hei : wat ee méi no un de Wand erufiert, wat een d'Segelen méi fest bäi zitt. A wat ee méi de Wand am Réck huet, wat een d'Segelen méi opmécht.

# Wat ass dann dat do ?

Am Ufank ass op ärem Boot bestëmmt villes, wou der net wësst, firwat dat gutt ass, a natirlech wësst der och net, wéi et heescht. D'Segler hunn fir all méiglech Saachen spezifesch Nimm, an dir verstitt wahrscheinlech am Ufank net ganz vill, wann d'Skipperen ënnerteneen fachsimpelen. Dir léiert dat mat der Zäit, mee och am Ufank ass et wichteg, dass een déi wichtegst Begrëffer kennt, zum Beispill fir dem Skipper séng Uweisungen ze verstoen.

Als zousätzlech Schwieregkeet kënnt derbäi, dass déi Segelausdréck an deene verschiddene Sproochen oft ganz verschidde sinn. Skipperen déi hir Ausbildung an Däitschland gemaach hunn, benotzen éischter déi däitsch Begrëffer; Skipperen déi vill a Frankräich ënnerwee sinn, éischter déi franséisch ... an déi déi regelmässeg a verschiddene Länner e Boot charteren hu sech vläicht un dat englescht gewinnt. Lëtzebuergesch Begrëffer gëtt et oft keng, sou dass mir meeschtens entweder dat däitscht oder dat franséischt benotzen, oder eng Mëschung vu béidem.

Hei drënner eng kleng Zesummestellung vu 25 wichtege Begrëffer an deenen 3 Sproochen :

| DEUTSCH | FRANÇAIS | ENGLISH | Explikatioun |
|---|---|---|---|
| Schiff | navire | vessel | Schëff |
| Mast | mât | mast | Mast |
| Baum | bôme | boom | Bam (horizontal Staang ënnen um Grousssegel) |
| Bug | proue / étrave | bow | Vir um Schëff |
| Heck | poupe | stern | Hannen um Schëff |

| DEUTSCH | FRANÇAIS | ENGLISH | Explikatioun |
|---|---|---|---|
| Großsegel | grand’ voile | mainsail | Grousssegel |
| Fock | foc | jib | normalt/klengt Virsegel |
| Genua | génois | genoa | grousst Virsegel |
| Windfäden | penons / indicateurs | telltales | Fiedem am Segel, déi de Wand uweisen |
| Winsch | treuil | winch | Virrichtung fir e Seel unzezéien / anzestellen |
| Fall | drisse | halyard | Seel fir d’Segel opzezéien |
| Schot | écoute | sheet | Seel fir d'Segel anzestellen |
| Festmacher | amarre | warp | Seel fir d’Boot u Land festzemaachen |
| Fender | défense / parre-battage | fender | Plastik-Bumper fir d’Boot ze schützen |
| Klampe | taquet | cleat | Metallsteck fir e Seel dru festzemaachen |
| Reling | balustrade / cable de garde | guardrail | Gelänner vum Schëff |
| Steuerbord | tribord | starboard | rechts, wann een um Boot no vir kuckt |
| Backbord | bâbord | port side | lénks, wann een um Boot no vir kuckt |
| luv / luvwärts | au vent | windward | zum Wand zou |

| DEUTSCH | FRANÇAIS | ENGLISH | Explikatioun |
|---|---|---|---|
| lee / leewärts | sous le vent | leeward | vum Wand ewech |
| Wende | virement (de bord) | tack | Richtungsännerung mam Bug duerch de Wand |
| Halse | empannage | jibe / gybe | Richtungsännerung mam Heck duerch de Wand |
| reffen | prendre un ris | to reef | Segelfläch verklengeren |
| Kurs | cap | course | Richtung wou mer fueren |
| Ruder | barre / gouvernail | rudder / steering wheel | Steierrad |

**Eng vill méi komplett Lëscht an deenen 3 Sproochen fannt der hei als PDF.**

# Wien huet Virfahrt ?

Op dëser Plaz all Verkéiersregelen um Waasser ze erklären, géif vill ze wäit féieren. Dofir hei just d'Basis-Regelen wie muss auswäichen, wann 2 Booter op Kollisiounskurs sinn, also riskéieren aneneen ze knuppen. Déi sollt wa méiglech jiddereen u Bord kennen.

## 1. Segel viru Motor

Generell huet bei ënnerschiddleche Schëffskategorien ëmmer dee Virfahrt, dee méi schwéier ze manövréieren ass. Also Rudderbotter viru Segelbooter, Segelbooter viru Motorbooter. Wéinst der selwechter Regel hunn och Booter déi « navigatiounsonfäheg » (z.B. duerch eng Pann) oder « navigatiounsbehënnert » (z.B. e Fëscherboot wat seng Netzer eraushuet) sinn, Virfahrt virun allen aneren.


WICHTEG : soubal dir um Segelboot de Motor lafen hutt, gëllt  dir als Motorboot a musst Segelbooter, déi ouni Motor segelen, auswäichen.

## 2. Motorbooter ënnerteneen : riets viru lénks

Wéi am Stroosseverkéier ...


## 3. Segelbooter ënnerteneen : Tribord amures viru bâbord amures / Backbordbug vor Steuerbordbug

E Boot mat Wand vu Steuerbord (Grousssegel op Backbord = Backbordbug) huet Virfahrt géintiwwer engem Boot mat Wand vu Backbord (Grousssegel riets). Op franséisch huet dat Boot mat « tribord amures » Virfahrt, dofir gëtt an der Regatta oft « TRIBORD !!! » geruff wann een en aneren wëllt drop opmierksam maachen, dass e keng Virfahrt huet.




## 4. Segelbooter ënnerteneen : Lee viru Luv

Wann déi 2 Booter de Wand vun der selwechter Säit hunn, huet deejéinege Virfahrt, dee méi wäit ewech vum Wand ass.
An der Praxis ass et also esou, wann ee gesäit dass en anert Boot engem zimmlech no kënnt, da kuckt ee fir d'éischt d'Segelstellung (wien ass « Tribord amures » ?), a wann déi 2 d'Segel op der selwechter Säit hunn, muss ee kucken, wien a « Lee » ass, also méi wäit ewech vun do ass, wou de Wand hirkënnt.



**Och nach wichteg ze wëssen :**

- De Begrëff « Virfahrt » gëtt et um Waasser em Fong offiziell net. Wien keng Virfahrt huet, ass « **ausweichpflichtig** » : dee muss also auswäichen an däerf deen aneren net behënneren. Deen aneren (also deen deen ëmgangssproochleg Virfahrt huet), ass dann « **kurshaltepflichtig** » : dee muss also esou weiderfueren, wéi en grad fiirt, en däerf also z.B. keng Kéier maachen wann deen aneren grad am gaang ass, him auszewäichen.

- Och deen, dee Virfahrt huet, muss oppassen, a wann et riskéiert zum Zesummestrouss ze kommen, muss och deen alles maachen fir dat ze verhënneren (« **Manöver des letzten Augenblicks** »).

Während der Regatta gëtt et dann nach zousätzlech Regelen, déi an dësen Dokumenter erklärt ginn :

**Résumé des Règles de Course à la Voile - op franséisch**




**Wettfahrtregeln - op däitsch**

# A WAT ASS ENG REGATTA ?

Regatta (am franséischen « régate ») ass ganz einfach de Fachausdrock fir eng Course mat Booter, an eisem Fall natierlech Segelbooter. Et geet also drëm, esou séier wéi méiglech e bestëmmtene Parcours ze fueren, woubäi natirlech d'Regelen mussen respektéiert ginn, ënner anerem d'Virfahrtsregelen.

Mir fueren bei der regatta.lu 2 verschidden Typen vu Parcouren :

## PARCOURS BANANE






Do geet et net drem, während dem Segelen Banannen z'iessen, mee e Parcours ze fueren, deen e bëssen esou gebéit ausgesäit ewéi eng Banann.


**D'Startlinn** ass tëscht dem **Katamaran** vum Comité de Course an der **Bouée de départ**, eng déck giel Tonn (ënnen um Schema). Et fiert een iwwert d'Startlinn géint de Wand op d'**Bouée au vent**, dat ass eng deck giel Tonn, déi een op Backbord muss leie loossen (uewen um Schema). Säitlech dovun läit dann d'**Bouée de dégagement**, dat ass eng méi kleng giel Bouée, déi ausgesäit wéi eng Fritt, an déi een och op Backbord muss leie loossen. Dono fiert een dann mam Wand am Réck zeréck iwwert d'Startlinn, déi gläichzäiteg och Zillinn ass. Et kënnen och 2 oder 3 Tier op deem Parcours gefuer ginn. Et kann ee wielen, ob een d'Kéier dann ronderem de Catamaran oder d'Bouée de départ mécht.


# PARCOURS CÔTIER


Do fiert een e Parcours ronderem verschidde geografesch Punkten, déi vum Comité de Course festgeluecht sinn. Dat sinn normalerweis Tonnen déi am Waasser leien, z.B. Geforentonnen oder Usteierungstonnen. D'Skipperen kruten mat den Instructions de course 9 verschidde Parcoure gesot, vun deenen der am Laf vun der Woch e puer, awer net all gefuer ginn. Hei drënner den Iwwerbléck iwwert déi 9 Parcouren:






Presqu'Ile De Quiberon
Baie De Qui
Port-Haliguen
Quiberon
Teignouse
Chaussée De La Teignouse
côtier 2
Passage De La Teignouse
Chaussée Du Béniguet
Petite Bas
Bancs De Taillefer
Le Rouleau
Pointe De Taillefer
Basse Occidentale
Le Palais
Rade Du Palais
Belle-Ile



côtier 3
Basse Saint Julien
Baguen Hir
Er Vaz Plat
digue Nord-Est
Plage du Porigo



côtier 4
Grand Flern
Petit Flern
Basse Badec
Pointe Du Cardinal
Koh Kastell
Sauzon
Roc'H Toul
Grotte De L'Apothicairerie
Ile En Oulm
Basse Baloen
Port Jean
Pointe De Taillefer
Port Fouquet
Bancs De Taillefer
Ile Er Hastellic
Port De Borderun
Le Palais
Rade Du Palais
Ile Aux Goëlands
Port Guen
Port Skeul
Port De Donnant
Belle - Ile
Pointe Du Gros Rocher
Pointe Du Bugul
Anse Du Vazenn
Pointe Du Grand Guet
Samzun
Goulphar
Bangor
Pointe De Kerdonis
Port Goulphar
Grand Village
Le Grand Cosquet
Pointe De Kerzo
Locmaria
Ile De Bangor
Ile De Bourhig
Port Blanc
La Truie
Pointe Des Canons


côtier 5
La Truie
Beg Rohu
PRESQU'ILE DE QUIBERON
Port Kerné
Beg er Goalennec
Quiberon
Banc de Quiberon
Beg er Lan
Pointe du Conguel
Iniz en Toull Bihan
La Teignouse
Basse du Chenal
Basse de la Teignouse
Roche du Fratçer
Ile Glazic
Ile Valuec
Petite Basse de Houat
Grande Basse de Houat
Beg er Vachif
La Vieille
Ile Guric
Ile Seniz
HOUAT
Beg er Gorle
Er Yoc'h
Er Jenetu
Banc de Taillefer
Beg Salus
Er Beg
Chubeguez Vraz
Beg Creiz
Beg Pell
Basse Baloen
Basse de Kerdenet
Basse Occidentale
Port Jean
Port Fouquet
Ile aux Chevaux
Grimaud Pell
Le Palais
Basse du Palais
RADE DU PALAIS
Port Guen


Côtier 6
Pointe De Toull Er Her
Pointe De Port Navalo
Banc De Crach
Roche Rat
Roche Souris
Méaban
Petit-Mont
Basse De Kercouedo
Basse D'Arzon
Basses De Méaban
Basses Salines
La Saline
Kerpont
La Villeneuve
Kerjouanno
Le Net
Kerhodet
Port Du Crouesty
Porh Nèze
Le Logéo
Pointe Du Grand Mont
Saint-Gildas-De-Rhu
Basse De Saint-Gildas
Roche De L'Epieu
Basse De Thumiac
Basse Du Grand Mont
Banc De Quiberon
Basse De La Teignouse
Chaussée Du Béniguet
Ile Glazic
Ile Valuec
Petite Basse De Houat
Grande Basse De Houat
Passage Du Béniguet
Beg Er Vachif
Ile Guric
Ile Seniz
La Vieille
Passage De L'Est
6,721 NM
4,103 NM
33,0 °M
3,171 NM
15,2 °M


côtier 7
Roche Rat
Roche Souris
Banc De Crach
Les Bœufs
Le Petit Buisson
Les Buissons De Méaban
Basse Des Buissons
Les Bouréseaux
Baguen Hir
Méaban
Basses De Méaban
Er Rohlé
3,907 NM
2,001 NM
20,0 °M
4,103 NM
252,6 °M


côtier 8
Port Haliguen
Basse Du Furet
Beg Er Vil
Iniz En Toull Bihan
Le Tonneau
Hoarn Marh
Les Trois Pierres
Le Trépied
Er Pondeu
Basse Cariou
Basse Du Chenal
Banc De Quiberon
Basse Nouvelle
Teignouse
Basse De La Teignouse
Chaussée Du Béniguet
Goué Vas Ouest
Roche De France
Passage De La Teignouse
Ile Glazic
Ile Valuec
Petite Basse De Houat
Grande Basse De Houat
Passage Du Béniguet
Beg Er Vachif
Ile Guric
La Vieille
Er Jenetèu


côtier 9
Basse Morbihan
Basse De Thumiac
Banc De Quiberon
Basse Du Furet
Iniz En Toull Bihan
Le Tonneau
Hoarn Marh
Les Trois Pierres
Le Trépied
Er Pondeu
Basse Nouvelle
Basse De La Teignouse
Chaussée Du Béniguet
Goué Vas Ouest
Roche De France
Passage De La Teignouse
Ile Glazic
Ile Valuec
Petite Basse De Houat
Grande Basse De Houat
Passage Du Béniguet
Beg Er Vachif
Ile Guric
Ile Seniz
La Vieille
Er Jenetèu
Beg Er Gorlé En Tal

# KLASSEMENT

De Klassement gëtt bei all Manche opgestallt, op Basis vun den Zäiten déi déi verschidde Booter brauchen fir dee Parcours korrekt ze fueren, woubäi d'Zäiten mat engem **Koeffizient (Handicap)** multiplizéiert ginn, dee pro Bootstyp verschidden ass. Esou gëtt sechergestallt, dass och Booter, déi vun der Konstruktioun hir net grad esou schnell sinn, awer eng Chance hunn, eng gutt Plaz am Klassement ze maachen. Den Handicap vun ärem Boot fannt der am Tableau vu de Booter an Equipagen

Déi éischt Deeg fueren mir **Qualifikatiounen an 2 Gruppen A a B**.

Op Basis vum Klassement aus de Qualifikatiounen ginn dann fir déi zwee lescht Deeg zwee nei Gruppe gebild : am **Groupe Pro** sinn dann déi schnellste Booter beieneen, am **Groupe Bareboat** déi Euipagen, déi et méi gemittlech uginn.

Bei allem Competitiounsgeescht ass et wichteg, dass **Fairness** groussgeschriwwe gëtt. Et geet net ëm eng gëlle Kou, mee dodrëms, dass mer all eng flott Woch erliewen, Spaass um Segelen hunn, an eppes bäiléieren. Am Zweifelsfall léiwer en anere virloossen ewéi en Accident ze riskéieren !

**De Comité de Course wënscht allen Equipage gudde Wand !!!**



# GEOTRACKING



Mir hunn och dëst Joer nees e sougenannten Geotracking-System, wou all Boot per GPS localiséiert a suivéiert gëtt. Sou wees een ëmmer, wou wéi e Boot  drun ass. Dee System gëtt dem Comité de Course och déi genee Zäit, déi all Boot gebraucht huet, sou dass op där Basis dann d'Klassementer opgestallt ginn. Ausserdem dréit dee System zur Sécherheet bäi, an et kann een domat och nodréiglech genee de Parcours gesinn, dee jidderee gefuer ass.

D'Positiounen vun de Booter kann een och iwwert Internet suivéieren, an zwar souwuel um Site regatta.lu wéi och mat Hëllef vun enger spezieller App, déi jidderee sech kann op den Handy oder Tablet lueden.

**Ganz wichteg** :
De Skipper kritt all Dag moies den Tracker, dee muss **an der Kabinn vir (am beschten um Grëff vun derLuck)** befestegt ginn.

**Genau sou wichteg :**
Owes gëtt de Skipper den Apparat dann erem of, fir dass en iwwer Nuecht ka gelueden ginn.

**regatta.lu en direct**

Hei kënnt der d'App Georacing downloaden
am App Store an op Google Play.

# RAVITAILLEMENT

Voici quelques informations pouvant être utiles en rapport avec le ravitaillement de votre bateau.

- Chaque bateau reçoit un ravitaillement identique en fonction du nombre de son équipage et des préférences et intolérances alimentaires déclarées.
- Le ravitaillement des bateaux sera distribué le lundi matin, 29 août, à partir de 10.00 heures. Les informations concernant le plan du déroulement précis de la distribution vous parviendront le moment venu. Il est clair que nous ne pouvons pas distribuer l'ensemble des vivres en même temps à tous les équipages.
- **Tous les matins**, de mardi à vendredi, vous allez recevoir des **baguettes fraîches pour le petit-déjeuner,**
  et
  **les sandwichs préparés pour la pause-midi** en fonction du nombre de personnes dans votre équipage (1 sandwich p. p.).
- **Pour grignoter au courant de la journée**, c'est à vous de décider ce que vous voulez manger (fruits, légumes, œufs cuits, noix, biscuits, sandwichs, chocolats, bonbons…), nous avons prévu assez de choix.
- Le comité vous rappelle que nous devons tous veiller à **ne pas gaspiller la nourriture** et à utiliser toutes les denrées alimentaires de manière responsable !
- Il est rappelé par ailleurs que **la consommation d'alcool est interdite aux mineurs.** Chaque skipper veillera de façon responsable à la consommation d'alcool de son équipage !

# PLAN DES DÎNERS LA SEMAINE :

## Lundi, 29 août :

**Plats préparés** (à réchauffer) pour tous les participants.

## Mardi, 30 août :

Welcome Party autour du Bassin du Mané :

**Fierkel um Spiess et alternatives végétariennes.**

## Mercredi, 31 août :

**Vous cuisinerez à bord ou bien vous sortez sur Belle-Île**
(décisions individuelles des équipages,
dépenses éventuelles aux frais des équipages).

## Jeudi, 1er septembre :

**Vous cuisinerez à bord.**

## Vendredi, 2 septembre:

Dîner de clôture commun au restaurant
**« Chez Jaouen »** à La-Trinité-sur-Mer.

# BON APPÉTIT !